



Luxembourg, le 31 juillet 2023

Objet: Prise de position du gouvernement relative à la pétition n°2550

Sujet: Beschäftigungsvertrag mat Schüler/-innen a Student/-innen och ausserhalb vu Schoulvakanzan
Pétitionnaire: Madame Jennifer in't Groen
Date de dépôt: 4.12.2023

1. Zesummeffaassung vun der Petitioun

D'Pétitionnärin fuerdert dass e Student¹ och ausserhalb vun de Schoulvakanzan ënnert engem Beschäftigungsvertrag schaffen dierf. D'Pétitionnärin erkläert dass d'Studente momentan ausserhalb vun de Schoulvakanzan nëmme mat engem Aarbechtsvertrag (a Form vun engem CDD) schaffen dierfen. E CDD ass fir si net attraktiv, well si, ënnert anerem, Steieren a Krankekeessbäitreeg bezuele mussen, wat bei engem Beschäftigungsvertrag net de Fall ass.

D'Méiglechkeet vun engem Beschäftigungsvertrag ausserhalb vun de Schoulvakanze wier, hirer Meenung no, vu Virdeel fir d'Studenten, déi doduerch eppes Klenges verdénge kéinten, ouni dofir mussen Ofgaben ze leeschten, mee och fir d'Betriber déi doduerch méi Personal fanne kéinten, wat nëmme fir eng kuerz Dauer schaffe wéilten oder kéinten.

2. Aktuell Gesetzgebung

2.1. Beschäftigungsvertrag

D'Gesetz, dat heescht méi genee de Code du travail (CT), gesäit vir dass d'Studenten an de Schoulvakanzan schaffen däerfen, an dofir bezuelt musse ginn, wa verschidde Konditiounen erfëllt sinn:

- D'Studenten däerfe **maximal 2 Méint (oder 346 Stonnen) pro Joer** schaffen (Art. L. 151-4 CT);
- D'Pai muss **op mannst 80% vum Mindestloun** sinn, dee fir eng bestëmmt Alterstranche gëllt (Art. L. 151-5 CT).

¹ « Student » ass e Sammelbegrëff dee mir an dësem Text och fir d'Begrëffer „Studentin“, „Schüler“ a „Schülerin“ benotzen.

De Code schwätzt an dësem Fall net vun Aarbecht ("travail") mee vu Beschäftegung ("occupation").

Betraff ass de Student deen (Art. L. 151-2 CT):

- tëschent 15 a 27 Joer al ass;
- ageschriwwen ass an enger Formatioun hei am Land oder am Ausland;
- regelméisseg a Vollzäit studéiert.

Grad ewéi d'Petitionnärin dat behaupt, muss de Student effektiv keng Kotisatioune fir d'Gesondheets – an d'Pensiounskeess bezuelen. An d'Onfallversécherung muss vum Patron iwweholl ginn. (Art. L. 151-6. CT)

Ausserdeem muss de Student keng Steiere bezuelen esoulaang hien net méi wéi 16 € d'Stonn verdéngt.

Et muss ee wëssen dass een Teenager, d.h. e Jonken tëschent 15 a 17 Joer, am Kader vun engem Beschäftegungskontrakt, Sonndes a während de Feierdeeg schaffen dierf (Art. L. 151-7, alinéa 2, Punkt 2 CT); wat bei engem Aarbechtskontrakt (CDD) mat engem Teenager net erlaabt ass.

2.2. Aarbechtskontrakt

D'Gesetz erlaabt dem Student och **ausserhalb vun de Schoulvakazen** ze schaffen (Art. L. 122-1. (2), Punkt 5 CT). De Code du travail schwätzt an dësem Fall vun engem Aarbechtskontrakt ("contrat de travail"), dëst a Form vun engem **Contrat à durée déterminée (CDD)**.

Esou en CDD mat engem Student ass erlaabt, ënner dëse Konditiounen:

- De Student muss op d'mannst 16 Joer al sinn (am Kader vun engem Beschäftegungskontrakt kann ee scho mat 15 Joer schaffen);
- De Student däerf an der Moyenne bannent engem Mount (oder 4 Wochen) net méi wéi 15 Stonnen d'Woch schaffen (Art. L. 122-1, §(2), Punkt 5 CT).

Betraff ass de Student deen (Art. L. 122-1, §(2), Punkt 5 CT):

- eng BTS-Formatioun mécht;
- eng Bachelor- oder Master-Formatioun mécht oder eng aner Formatioun op der Uni.

De Student kritt op d'mannst de Mindestloun bezuelt, dee fir eng bestëmmt Alterstranche gëllt.

Grad ewéi all Salarié, gëtt d'Pai vum Student besteiert an hie muss d'Part salariale vun de Cotisatioune bezuelen.

De Student deen am Kader vun engem CDD méi wéi 4 Méint bannent engem Schouljoer schafft an all Mount op mannst de Brutto Mindestloun verdéngt, kritt säi Kannergeld ewechgeholl fir déi Zäit wou e méi geschafft huet. (Art.2071, §5 Code de la sécurité sociale)

Den CDD mat engem Student kann 2 mol erneiert ginn, ouni mussen an en CDI ëmgewandelt ze ginn, ënner der Konditioun dass de Kontrakt am Ganzen net méi wéi 5 Joer dauert. (Art. L. 122-5, §(3), Punkt 3 CT an Art. L. 122-1, §(3), Punkt 5 CT)

3. Stellungnam vum Aarbechtsministère

Den Aarbechtsminister ass sech bewusst dass ëmmer méi Studenten nieft hire Studie schaffe wëllen oder mussen, dëst aus verschiddene Grënn (finanziell Autonomie errechen, professionell Erfahrung sammelen, hir Studien oder eppes anescht finanzéieren, etc).

De Minister mengt och dass d'Studentenbeschäftegung profitabel ass souwuel fir de Student wéi och fir d'Betribler. Dat war och schonn d'Meenung vum Minister deen de Projet de loi betreffend d'Studentenbeschäftegung 1982 déposiert huet. Effektiv ass am Exposé des motifs vun deem Projet ze liesen : *“l'occupation d'étudiants constitue pour les entreprises un facteur de flexibilité permettant de mobiliser une main-d'œuvre au cours précisément des périodes de l'année où la main-d'œuvre permanente se trouve en congé annuel ; mais (...) il s'agit aussi d'une sensibilisation progressive de l'étudiant avec le monde du travail”*².

Allerdéngs huet d'Gesetz och als Zil de Student physesch a psychesch ze schützen. Dofir gesäit et eng Rei Restriktiounen vir, fir de Student a senger Studien ze ënnerstëtzen. Dat ass de Grond firwat de Code du travail d'Studentenbeschäftegung op 2 Méint d'Joer während de Schoulvakanz limitéiert.

D'Fräizäiten a virun allem d'Vakanzäiten sollte vum Student benotzt gi fir ze léieren an och fir ze raschten, wéi dat iwweregens de Rapporteur vum Gesetzesprojet iwwer Studentenbeschäftegung och schonn erkläert huet : *„D'Fixatioun vun enger Maximaldauer vun 2 Méint iwwer déi eraus de Student net ka beschäftigt ginn géint Rémunératioun ass inspiréiert vun der Préoccupatioun, fir net d'Disponibilitéit vun de Studenten während der Vakanzzeit ze mëssbrauchen. Et ass selbstverständlech dass Studenten, déi hir Examen hanneru sech hunn, hir Vakanz räichlech verdéngt hunn, an dass si déi Vakanz och brauchen, fir sech zum Deel zumindest auszeraschten, fir ënnert de beschtméigleche physeschen a geeschtege Bedingungen erëm un hir Studien am Hierscht erunzegen.”*³

De Beschäftegungsvertrag ass ausserdeem nëmme fir de Student geduecht dee regelméisseg a Vollzäit studéiert. Vollzäit studéieren an niewebäi nach vill schaffe goen ass net einfach, wat dozou féiere kann, dass de Student seng Studie vernoléisseg a souguer opgëtt.

Zu der selwechter Conclusioun sinn eng Rei wëssenschaftlech Étuden a Canada, USA, England a Frankräich komm, déi bewisen hunn, dass ze vill Aarbecht nieft dem Studium dem Student schuede kann:

*“De nombreux chercheurs s'accordent pour affirmer que le jeune qui exerce un travail salarié présente plus de risques de se détourner de sa scolarité. (...) In fine, travailler pour survivre est une réelle contrainte qui oblige les jeunes à s'organiser et à revoir leurs priorités pouvant de fait influencer leur scolarité et favoriser le redoublement ou l'abandon ”*⁴.

D'Wëssenschaftler konnten awer beweisen dass et vu Virdeel fir de Student ass deen eng **Beschäftegung huet déi e Lien mat de Studien huet** :

²Projet de loi n° 2589 relatif à l'occupation des étudiants, Session ordinaire 1981-1982, document 3.6.1982, Exposé des motifs

³ M. Fischbach, rapporteur du projet de loi 2589 relatif à l'occupation d'étudiants-Première Lecture - Chambre des Députés, 70^e séance, jeudi, 8 juillet 1982, Luxembourg

⁴ « Le décrochage scolaire et travail étudiant », État des lieux, Marie SCHULLER, octobre 2017

“(…) le travail effectué (…) en lien avec les études du jeune aurait à court et à long terme, plus de bénéfices sur le parcours scolaire de celui-ci.”⁵

An deem Sënn, gëtt et zu Lëtzebuerg, nieft dem Beschäftigungsvertrag an dem CDD, och nach Stagë fir deene Jonken d'Méiglechkeet ze ginn an engem legal encadréierten an adaptéierten Kader professionell Erfahrung ze sammelen.

Et ginn **2 Zorte vu Stagen**, déi vum Gesetz vum 4. Juni 2020 « portant modification du Code du travail en vue d'introduire un régime de stages pour élèves et étudiants » agefouert gi sinn :

a) En **obligatoresche** Stage am Kader vun de Studien:

- Wann de Stage op d'mannst 4 Wochen dauert, kritt en op d'mannst 30% vum Mindestloun vun engem net qualifizéierte Salarié, ausser d'Schoul gesäit e Verbuet vun enger Indemnisioun vun de Stagiäre vir. (Art. L. 152-4 CT)
- D'Indemnitéite vum Student ginn net besteiert.

b) E **fräiwëllegen** Stage fir Berufserfahrung ze kréien:


- Wann de Stage tëschent 4 a 12 Wochen dauert, kritt de Student op d'mannst 40% vum Mindestloun vun engem net qualifizéierte Salarié. (Art. L. 152-6 CT)
- Wann de Stage tëscht méi wéi 12 Wochen an 26 Wochen dauert, kritt de Student op d'mannst 75% vum Mindestloun vun engem net qualifizéierte Salarié. (Art. L. 152-6 CT)
- E Stagiaire däerf bannent 2 Joer bis zu 6 Méint fir dee selwechte Patron schaffen. (Art. L. 152-6 CT)
- Fir e Student deen een Zyklus vum Studium gepackt huet, gëtt de Mindestloun vum qualifizéierten Salarié als Referenzwäert benotzt. (Art. L. 152-6 CT)
- D'Indemnitéite vum Student gi besteiert, ausser déi vun engem Non-Résident.

➤ **CONCLUSIOUN:**

- D'Regierung fënnt et natierlech wichteg dass d'Schüler an d'Studenten, déi dat wëllen, d'Méiglechkeet kréien nieft hire Studien schaffen ze goen. Grad ewéi d'Pétitionnärin, denkt den Aarbechtsminister och dass dëst net nëmme vu Virdeel fir déi betrafte jonk Leit ass, well si doduerch eppes Klenges verdéngen an zur gläicher Zäit professionell Erfahrung sammelen, mee och fir d'Betriber, déi doduerch méi Personal fanne kënnen.
- Dofir huet d'Regierung an de leschten Joren och eng Rei Mesurë geholl fir de Schüler an de Studenten de Wee an d'Aarbechtswelt ze vereinfachen. Nieft der Méiglechkeet bis zu 2 Méint d'Joer an de Schoulvakanz enger engem Beschäftigungsvertrag ze schaffen, kann de Jonken nach bis zu 26 Wochen e Stage maachen. Dës Moosname sollten duer goen fir d'Schüler an d'Studenten déi schaffen, respektiv Berufserfahrung sammelen wëllen. Si mussen nämlech nach genuch Zäit hu fir sech op hir Studien ze konzentréieren an och fir ze raschten.

⁵ « Le décrochage scolaire et travail étudiant », État des lieux, Marie SCHULLER, octobre 2017

- Aus den ueweganante Grënn gesäit den Aarbechtsminister aktuell keng Noutwennegkeet fir en zousätzleche Beschäftegungsvertrag anzeféieren fir d'Schüler an d'Studenten déi ausserhalb vun de Schoulvakanze schaffe wëllen.



Georges ENGEL

**Minister fir Aarbecht a Beschäftegung
a fir Sozial- a Spolidarwirtschaft**